LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4915 vum 14. Oktober 2026 vun den éierewäerten Hären Deputéierten Ricardo Marques a Jeff Boonen iwwert de Gesondheetszoustand vun eise Bëscher

1. **Wéini gëtt de virleefegen nationale Renaturéierungsplang publizéiert? Wéi ginn déi scho beschlosse Mesurë vun der nationaler Klimaupassungsstrategie konkret ëmgesat, a wéi eng Roll spillen dobäi d'Administration de la nature et des forêts (ANF) an d'Gemengen?**

De virleefegen Nationale Renaturéierungsplang ass de 17. Juli 2026 vum Regierungsrot approuvéiert an am August 2026 un d'Europäesch Kommissioun iwwermëttelt ginn. Den Avis vun der Europäescher Kommissioun zu dësem Plang gëtt fir de Mäerz 2027 erwaart. Op Basis vun dësem Avis gëtt de Plang dann nach eng Kéier iwwerschafft an am September 2027 definitiv publizéiert.

Déi schonns beschlosse Moossnamen aus der Nationaler Klimaupassungsstrategie ginn am Bëschberäich iwwer den 2. Nationale Bëschplang (PFN2) an an engem klengere Mooss den 3. Nationalen Naturschutzplang (PNPN3) ëmgesat. De PFN2 ass am gaange finaliséiert ze ginn a soll nach dëst Joer vum Regierungsrot adoptéiert ginn.

D'Naturverwaltung (ANF) ass als Gestionnaire vum ëffentlechen Bësch fir d'Ëmsetzung vun de Moossname vun der Nationaler Klimaupassungsstrategie an Staats- an Gemengebëscher verantwortlech. D'Gemenge mussen als Proprietäre vun de Gemengebëscher och hire Beitrag dozou leeschten. D'Ëmsetzung vun de Moossnamen an de Privatbëscher geschitt op fräiwëlleger Basis, gëtt awer duerch Berodung an eng finanziell staatlech Ënnerstëtzung ugereegt.

2. **Wéi eng konkret, moossbar Ziler an Zäitpläng gesäit d'Regierung vir, fir de Gesondheetszoustand vun eise Bëscher an de kommende Joren ze verbesseren?**

D'Ziler, déi fir d'Stäerkung vun der Resilienz vun de Bëscher uviséiert sinn, stinn an der Nationaler Klimaupassungsstrategie an am 2. Nationale Bëschplang (PFN2). An der Klimaupassungsstrategie goufen zeng Moossname fir de Bëschberäich definéiert, wouvun eng d'Ëmsetzung vun de Moossname vum PFN2 ass. Aner Mossnamen sinn z.B.:

- d'Opstelle vun enger Strategie fir d'Feierpreventioun an de Bëscher;
- d'Ëmwandlung vun net un de Standuert ugepasste Bëscher a Mëschbëscher mat Bamaarten, déi am Kader vum Klimawandel als resilient ugesi ginn;
- d'Ëmsetzung vun enger nohalteger Bëschgestioun, déi déi méi widreg Wuesstumsbedéngungen bedéngt duerch de Klimawandel mat a Betruecht zitt;
- d'Elaboratioun vun engem Konzept fir d'Promotioun vun enger méi integréierter nohalteger Gestioun vun de Privatbëscher;
- etc.

Den Zäitplang fir d'Ëmsetzung vun de Moossname vun der Klimaupassungsstrategie ass op 2035 fixéiert ginn, fir den 2. Nationale Bëschplang (PFN2) ass een Zäithorizont vun 2040 uviséiert.

Ausserdem gouf am Februar 2026 am Kader vum "Bësch- a Juegddësch", dee vum Ëmweltminister zesummegeruff gouf, mat de betraffenen Acteuren aus de Beräicher Juegd, Forstwirtschaft, Ëmwelt a Landwirtschaft en Accord fonnt fir mat konkrete Mossnamen d'Widderstandsfäegkeet vun de Bëschekosystemer géint de Klimawandel ze stäerken. Den Accord gesäit ënner anerem eng méi effikass Reguléierung vum Wëldbestand, eng Upassung vum gesetzleche Kader vun der Juegd, e verbesserte Monitoring vu Wëldschued an eng Stäerkung vun der Zesummenaarbecht tëscht den Acteuren um Terrain vir. D'Zil ass et, di natierlech Regeneratioun vun de Bëscher ze förderen, d'Biodiversitéit ze schützen an d'Resilienz vun de Bëscher laangfristeg zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

3. **Wéi gëtt d'ANF an d'Ausschaffung an d'Ëmsetzung vun dëser Strategie agebonnen? Verfüügt d'ANF iwwer déi néideg personell a finanziell Mëttelen, fir déi virgesinne Mesuren um Terrain ëmzesetzen?**

D'ANF huet als Missioun de Gros vun de Moossname vun der Klimaupassaungsstrategie am Bëschberäich ëmzesetzen. Dëst geschitt duerch Gestiounsmoossnamen an den ëffentleche Bëscher, der Elaboratioun vu Monitoringinstrumenter fir d'Iwwerwaachung vun dem Zoustand vun de Bëscher ze verbesseren oder vu wëssenschaftlechen Etüde fir méi Wëssen iwwer eng klimaugepasste Gestioun vun de Bëscher ze erreechen.

D'Ëmsetzung vun all dëse Moossnamen, besonnesch awer de Gestiounsmoosnamen um Terrain, wäert sech iwwer déi nächst Joerzéngten zéien. Et wäert eng kontinuierlech Erausfuederung sinn op genuch gutt ausgebilte Personal, genuch finanziell Mëttel fir d'Adaptatioun vun de Bëscher un de Klimawandel a genuch Material, wéi z.B. jonk Bëschplanzen, zeréckgräifen ze kënnen.

4. **Wéi ginn d'Gemengen, déi eng wichteg Roll als Bëschbesëtzer an als lokal Acteure spillen, an dës Strategie agebonnen? Ass eng strukturéiert Concertatioun mat de Gemenge virgesinn?**

D'Gemenge spillen eng wichteg Roll bei der Ëmsetzung vun der Klimaupassungsstrategie an de Bëscher. Si sinn als Besëtzer vun engem Deel vun den ëffentleche Bësch an der Verantwortung hir Bëscher un déi zukünfteg Klimabedéngungen lues a lues unzepassen an dofir déi néideg finanziell, logistesch an och personell Mëttel opzebréngen. Bei der Opstellung vun dem laangfristege Bëschplang (Dauer 10 Joer) an dem järleche Bëschgestiounsplang esou wei beim Festléen vun den ugepassten Bëschgestiounsziler a -moossnamen gi si vun hirem Revéierfieschter an Uewerfierschter vun der ANF tatkräfteg ënnerstëtzt a beroden.

Als lokal Acteuren sinn d'Gemengen awer och ee wichtege Partner wann et ëm d'Mobilisatioun vun de Privatbëschbesëtzer geet fir eng aktiv Klimaupassung vun hirem Bësch ze realiséieren. Iwwer de Wee vun enger gudder Zesummenaarbecht mat de Revéierfierschter an dem Lëtzebuerger Privatbësch wäert et méiglech sinn déi ambitiéis Upassungsziler vun de Bëscher un de Klimawandel ze erreechen.

5. Wéi gëtt d'Lëtzebuerger Privatbësch a.s.b.l. , déi och eng wichteg Roll als lokal Acteure spillen, an dës Strategie agebonnen? Ass eng strukturéiert Concertatioun mat hinne virgesinn?

De Lëtzebuerger Privatbësch spillt duerch d'Berodung a d'Betreiung vun de Privatbëschbesëtzer a seng Proximitéit zum Terrain eng wichteg Roll wat d'Ëmsetzung vun der Klimaupasssungsstrategie am Privatbësch betrëfft. Souwuel den Ëmweltministère wéi och d'ANF hu reegelméisseg Entrevuë mam Lëtzebuerger Privatbësch, wou aktuell Bëschthemen beschwat an zukünfteg Handlungsoptiounen am Beräich vun de Privatbëscher duerchdiskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit